

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landesplanung weiderzeleeden:

*„Virun zéng Joer hunn déi fréier Gemengen Housen, Konstern an Houschent fusionéiert. Déi nei Gemeng Parc Housen huet sech gutt entwéckelt an zielt méttlerweil bal 4000 Awunner.*

*Leider huet de Programme directeur de l'aménagement du territoire net virgesinn, fir Housen als regionalen Zentrum auszuweisen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landesplanung folgend Froe stellen:*


- *Aus wat fir enge Grënn ass Housen net als regionalen Zentrum ausgewise ginn?*
- *Misst d'Gemeng Parc Housen dës Roll net awer an Zukunft erfëllen, zemol wann een hir strategesch Lag un der N7 am Éislek a Betruecht zitt?*
- *Ass den Här Minister bereet, fir de Programme directeur an deem Sënn z'iwverschaffen?*
- *Wa jo, bis wéini kéint dëst spéitstens geschitt sinn? “*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten